ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Depot : Jeff Engelen

Lëtzebuerg, den 19. Mee 2022

MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt
- Lëtzebuerg, wéi och vill aner EU-Länner ënnert engem akute Manktem u Camionschauffere leit;
- de finanzielle Spillraum vu ville Firmae fir méi attraktiv Aarbechtskonditiounen ze bidden, opgrond vun den héije Käschteverflichtungen vis-à-vis vum Staat staark ageschränkt ass;
- eng erhéicht Ausbildung vu Camionschaufferen néideg ass, awer réischt laangfristeg Ofhëllef leeschte kann;

ass sech bewosst, datt
- eng kuerzfristeg Deelléisung an der Erhéijung vum Transportvolume pro Chauffer läit;
- duerfir déi am Ausland schonn zougeloossen Ecocombien eng wichteg Roll spillen;
- dës Gefierer d'Käschte vun eisen Entreprisen ëm bis zu 30 Prozent reduzéieren an domat neie Spillraum fir méi attraktiv Aarbechtskonditioune erméigleche kënnen;
- d'Belsch an Holland eis schonn 2015/16 eng Participatioun un engem gemeinsame Pilotprojet ugebueden hunn, fir Ecocombien an enger Testphase zouzeloossen an entspriechend Erfarungswäerter ze sammelen;
- dës Propositioun vum deemolegen an aktuelle Verkéiersminister ofgeleent gouf an doduerch iwwer Jore wäertvoll Zäit verluer gaangen ass;

fuerdert d'Regierung op,
- déi aktuell Kris als Chance ze begräifen an eis belsch an hollännesch Partner ëm en nodréigleche Bäitrëtt zum virdru genannten Accord unzesichen, fir d'Ecocombien hei am Land an enger Testphase zouzeloossen an duerch entspriechend Analysen ze begleeden.

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742